1

Dir Dammen an Dir Hären , Léw Letzeburger,
Komeroden !!

Am Num vun der Ligue O.J. section Dideleng hun ech dé gross E'er Iech alleguer begréssen à wellköm zehéschen hei op onser kléngeer Plaquetteverdélongsfeier.

Et sin elo ongefé'er 3 Joer hir dass d'Ligue O.J. sech e gudden Dag mam Gedanken ofgin huet fir all déne Leit dé hinnen am Krich behölleflech woren ennert énger spézieller Form Merci ze soen. Vu vireran allerdings wore mir ons am kloeren dass et engem Jong nie méglech ass Iech är Léschtongen ze vergelten. Dat énzecht wat mir kennen ass Iech e Merci ausspriechen, en einfache Merci, awer en déwe Merci dén aus dem Fong vum Hierz kent an dé mir nie vergiessen. Doeriwer eraus awer sollt dé Merci och symbolesch gin an et ass fir wat dé Plaquetten hei mat ent=spriechendem Diplôm entstane sin.

Iwert en zwéte Ponkt gowe mir ons och bal éneg an zwar sollten am ganze Land op d 'er selwechter basis, ennert gleicher Form ons remerciments'action duerchgefoert gin. Zwar gett an all section separat d'Verdélong virgeholl, mä, d'conditionen, d'Vir=aussetzongen, d'Form, d'Plaquetten an d'Diplôme sin selwecht. An eso fann Dir iwerall, am zerschossenem Haus am Esléck, op der Musel, an der Stâd wé hei an der Minettsgegend dé selwecht Plaquetten an Diplômer bei all déne gudde Letzeburger dé ennert Liewensgefôr, op irgend éng Mané'er, éngem vum Gauleiter, onse=légem Gedénken, an d'preisesch Wehrmacht oder Arbechtsdingscht gepresstene Jong, geholl ef.

Mir Jongen soen an desre remerciements'action en bloc merci; alleguer zesummen an zwar eso wé haut an de Rei'en vun der Ligue, alleguer éneg a solidaresch stinn, all dé dé am Krich gudd woren an d'Kerbholz net politesch belast haten. Freiwellecher an dées Geschirr gett et an der Ligue net.

Firwat mir nun onsen dese Merci en bloc firbréngen an net individuell vu Jong zu déne Leit dé him persénlech ge=hollef, géht doeraus erfir well dat net méglech ass. Dénkt emol un d'Passeuren, dé Leit dé d'Jongen transporté'ert hun ; wivill Jongen sin dé dé haut emol nach net kennen a fleit ni kenne lé'eren. Dé Leit dé Liewensmettelen verschâft, erbeibruecht, Geld spendé'ert, wovun net all énzelne Refractaire konnt wessen.

2

Ech dénken un dé iwert honnert Jongen dé bei Nidercuer am Honds=
besch verstoppt woren. Do konnt net all énzelne Jong all énzelne
gudde Mensch kennen aus der grosser Organisation dé nédeg wor fir
dass sie net all einfach erhingert. An eso sinn honnerte vu Fäll
Mä vergiess ass kén dén eso aktiv un der Sach bedélegt wor well
et sin der emmer do gewierscht dé en hu misse kennen. Wuehl
kann emol bei der Verdélong én oder dén aneren ausgeloss si gin.
dé Méglechkét bestéht, an doerobber kommen ech nach ze spriechen,
nemmen fir Iech e Bild ze gin, wé mir beim recensement vun all
déne Leit virgange sin, a watfir conditionen gesat gowen, erklä=
ren ech Iech kurz de Virgank.

Als écht condition huet de geléscht Dingscht missen ennert Liewensgefôr sin. Mir wessen all wé d'Preisen woren : wann se én erwescht hun da war sein Testament gemat: a wann och haut muncherén, gottseidank nés ennert ons ass dé se kritt haten, dann ass et bestemmt net hir Schold, well dat wor hire Plang net, sonnesch well sie héchstens net mé dozo ko'men.

De Dingscht selwer ass net begrentz; dat héscht net nemmen kré'en dé éng Plaquette dé e Jong verstoppt haten sonnesch alleguer dé dé enner der éschter condition ennert irgent enger Form geholleft. Doerenner fâlen :

Dir gesit also d'Plaquetten kann nemmen é kré'en dén engem Jong geholleft huet : well et ass jo logesch "Ons Jongen" kennen nemmen fir eppes Merci soen wat hinnen direct zugudd ko'm. Somadden kann én och net soen wien kéng Plaquette krut war ké gudde Letzeburger, oder dén an dén huet mé fir Letzeburg geléscht wé én dén éngem Refractaire geholleft a krut awer kéng Plaquette, well am Krich woren nach immense Gelégen=héten fir der Hémecht ze déngen ohni direckt un dem Verschwan=nen vun de Jongen bedélegt ze sin. Dest nemmen niewebei fir éventuell falschen Opfassongen virzebauen.

D' Dauer vum Dingscht konnt ebenfals net begrentzt gi,, well d'preisesch Strofen stungen genau sò gudd op éngem Kapp dén e Jong nemmen éng Nuecht a séngem Haus hat, oder nemmen honnert meter e gefo'ert huet an eso weidder. D'selwecht gelt och fir de Schlussdatum dén opt Libération'sstonn vun all Uertschaft festgeluecht ass. Zwar kann é fleit ufé'eren

3

dass et dé lescht Dég net mé esogefé'erlech wor, mä op déer anerer Seit kann é gerad eso gudd soen en Réckschlag an Zeréck=kommen vun de Preisen war emmer méglech an am dém Fâl konnte se mat nach bestialescher Brutalitét virgoen.

Léw Leit, ech kann Iech versécheren, dass mir an d'Komeroden aus dem Z. K. all dé Méglechkéten erörtert an durchdiscuté'ert, an zum opgestaltenem Schluss kom sin. A wann dén én oder aneren vun Iech op den éschte Moment anerer Ménonk ass, so gléwt mer es ro'ech, wann hien all pouren a conter hé'ert, dass och hien zum selwechte Resultate kent wé mir.

Allerdéngs éng drett Condition hu mir nach gesat an zwar dierf de geléschten Dingscht ké rachat sin : dat héscht én dén de ganze Krich Preis wor, Gielemännchen, Leiter hei a Leiter do, an zum Schluss nach sé'er e Jong verstoppt, dé stéht net an ärer Rei'en.

Wé gong nu verfuer fir all dé Leit ausfendég ze machen ?? Vum Z. K. gowen Proebé vefaast dé'er esovill un all section geschéckt wé Memberen. D'sectionen schécken un all hir Memberen e Formular dén hien ausfellt an nés zeréck un d'section schéckt. Krut nun Z. B. de Komerod Neckel vun Dideleng vum Här Déngen vu Weiswampech gehollef, schéckt d' section Dideleng d'donné'en un d'section Weiswampech, dé dann bei hirer remerciments'action dem Här Déngen séng Plaquette iwerrécht. Dén anere Fâl : e Jong vu Weiswampech krut vun éngem Didelenger Här gehollef, schéckt d'section Weiswampech ons d' donné'en erof an haut kritt d betreffenden Här séng Plaquette Eso gesi Dir misst bal ké vergiess gin :nemmen trotzdem ass et nach méglech an zwar wé ech virdrun scho gesot : e Jong kennt Z.B. sei Passeur net oder net all dé Leit dé him Liewensmettele verschâft. Dofir hu mir dann wann dé Leschten opgestalt woren se un d'résistenzorganisationen ginn a sie gebieden, d'Leschten duerch zekucken a wan nédeg ze komplet'té'eren. Allerdings huet missen bei all neien Num genau donné'en iwert geléscht dingschter kommen eso dass se konnten kontrollé'ert gin. Zu gleicher Zeit gowen och des organisationen gebieden, éventuel dé eraus zefannen dé am Krich zwé Gesichter haten.

Hei zu Dideleng hu mir dat selwecht gemat. Wé mir ons Leschten eso weit ferdeg haten hu mir sie un d'UNION an

4

d'LPPD mat dénen ugefé'eretn Verlangen geschéckt.

Ech si beoptragt gin, am Num vu ménge Komeroden der LPPD a spéziel der UNION merci ze soen fir hir vill Arbecht dé sie sech ginn hun fir nemmen alles ze fannen mat dénen nédegen donné'en.

Trotz all desen minuziösen recherchen well ech awer nach net behapten dass net é vergiess soll sin. Dideleng ass scho gross an et kennt net jidderén én dén aneren wé op éngem Duerf. Oder och éng Méglechkét e e jong ass fortgezunn an d'Ausland Z.B. et besti kéng relationen mé mat him. Nu war hien bei énger Famill verstoppt wuer en net durch éng résis= tenzorganisation kom ass a schons ass dé Famill vergiess.

Wa mir nun eso a Fall hätten oder Dir géwt é kennen dén hei vergiess ass ginn, da bieden mir Iech eis dat matzedélen a mir huelen dat Versäumt direckt no. – Ower wat mir net gär hätten dat wär dass et Leit géwen dé op éngem Eck hannert dem Humpen déck ténen an iwert desen an dén hirfâlen dén hei ass vergiess, dén do war dobei an huet neischt geléscht an eso weidder an eso weidder: well mat schlechtem Wellen hu mir kén ausgeloss, awer bei dém dén eso iwert ons hirfällt ass et schlechte Wellen, a géht nemmen drop aus mat Liegen ons ze discrédité'eren. Op déer anerer Seit well ech och nach betonen dass all geléscht en Dingscht mat énger Ennerschreft beglaubecht ass dé fir d'Worecht dofun antrett.

Léw Leit ! D' Ligue "O.J." gow gebuer aus Kome rodschaftsgefiller vun énger Generation dé vun éngem friemen Ennerdrécker dem Ennergank geweid wor. Bis haut huet se an der Nokrichszeit scho munchen uergen Stuerm erliewt awer eppes kann ech Iech verroden : an hire Grondgedanken huet sie nach net geziddert. Wat hire Wé bis haut wor a wé sie en nach weide soll goen doeriwer schwätzt Iech onse Komerod Steil, Président vum Z. K. herno, mäer ént well ech festhâlen, am Num vu ménge Komeroden : mir Jongen hun ennert dem preisesche Stiewel ze= summe gehâlen wé Pech, an dé Frendschaft, a Solidaritét dé do entstânen ass vergéht nie. Nie, a wann och haut, am batteren Existenzkampf, am politeschem Liewen, uewen eriwer et dé sé Schein hätt ons Enegkét hät Schued geliden, a wann och anerer nach eso gär et hätten, zu hirem Profir, aus purem Egoismus,

da soen ech Iech dass et net wo'er ass, well am Fong vun onsen Hierzer, do wo et drop ukent, do ass ons Enegkét, a Frendschaft urfest verankert an do rappt och kén se eraus. An des Enegkét des Solidaritét, des Komerodschaft huet sech vergréssert an ausgebréd, et sin anerer mat verstréckt ginn : Dir, Dir alle= guerten hut ons Rei'e vergréssert.

Wé virun 5, 6 Joer dat Uergst iwert ons eragebrac ass, wé mir do stongen, geméngt vun all Mensch verloss, de Preiss ausgeholl hat zum Vernechtongsschlag, dun hu Dir ären Arm em ons Schelleren geluecht an ons dem Ennergank entrass. Vun haut op muer stong Dir do, an an éngem spontanem Eifer hu Dir dem Preiss entgéngt gejaut : Schluss, et ass Schluss mam Ausrotten vun onsem Joktem.

A, vun dém Dag un gong e schwé'eren, uerge Wé un. Ower Dir huet net gezéckt. De Preiss huet am Ufank gelacht an Dir huet ugefangen ze schaffen, en huet missen op d'Zenn beissen, dé éscht Jongen si verschwonnen, en huet mam Dod ge= dréht, a mé Jongen hun der Wehrmacht äddi gesot, en huet dé éscht erschossn, d'Zuel vun de Refractairen hat Dausend iwersch schratt: a weidder gong et, hart op hart, op Dod an op Liewen, Dir huet gestridden, op Schratt an Tratt huet d'Verhaftong gelauert, ower äre Courage ass vu Stonn zu Stonn mé gross gin, bis e Septembermuergen d'Erlésong an d'Freihét zeréck bruecht. An ech soen Iech mir wore stolz op Iech; stolz wé mir konnten den éschten Amerikaner soen, kuckt, do sin d'Leit dé net ge= zéckt, dé net geföârt, dem Preissde Kapp gewiesen, ons him ent= rass, an doeriwer eraus direckt um Zerschloen vun der preise= scher Krichsmaschin bedélegt woren.

Léw Leit ! Dir hat batter a gefé'erlech Stonne op Iech geholl, är Nerwen a Gesondhét woren bedroht, ärt Vermégen stong um Spiel, jo ärt Dodesuertél wor ennerschriewen awer Dier huet et freiwelleg gemat, ohni Profit, ohni ären Avantage: nemmen én Ziel vrun den Aen : der Hémecht ze dingen, de Letzeburger Jonktem ze retten. An dofir sief Iech gedankt merci gesot vun ons alleguer, vun äre Jongen : vun äre Jongen dénen Dir gehollef oder d'Liewen gerett. A wa mir, wé ech schon ugangs gesot, Iech nie am Stand sin och nemmen zu éngem kléngen Dél är Dingschter ze vergelten, da schénkt ons ärt

Vertrauen a gléwt ons, gléwt ons dass mir Iech nie vergiessen, nie eso lang nach é vun ons liewt. A wann och schons haut ueweneriwer et den Uschein hät vu Vergiess, dann ass dat nemmen e falsche Schein, well am Fong, do ass et ganz anescht. Am Fong do ass dat Feier wat nemmen drop wart, fir wann jé nés éng Kéer méglech, wann et nés éng Kéer drop ukent do ze sin, eso hell an eso warm opzeflâmen wé virdrun.

An op déer anerer Seit si mir et ons bewosst an iwerzécht : Dir huet ons éng Kéer net am Stach geloss an éng zw zwét Mol stingen är Rei'en grad eso gross, grad eso entschloss grad eso muteg do wé démols wé e Simon d'Wehrmacht proklamé'ert An dat ass dat schénst bei allem, dass ongewollt vun ären Herzer eriwer op eis en Zesummengehé'eren verankert ass, verankert duerch den Héchstaffer vun onse Léwsten, vun de gefâlene Komeroden, en Zesummengehé'eren dat nie ka verschwanne